# Lo gëtt alles gutt

De Rudy war a Gedanke verdéift, wéi e sech un de Comptoir gesat huet. Scho moies fréi hat en déi Ideeën am Kapp, an en ass se net méi lassginn, sou wéi e Lidd, wat ee moies um Radio héiert an engem dann dee ganzen Dag noleeft. Emmer rëm huet en déi selwecht puer Zeile misse matsangen "... my life is full of romance ...".

Et war deen zweete Bistro vum Owend, e war um selwechten Tur wéi ëmmer. Mat de Joren ass e gelaf wéi eng gutt geuelegt Maschinn, mat enger Regelméissegkeet, déi e mat Momenter selwer erschreckt huet.

Hien huet am Büro geschafft, wou e vill mat Pabeieren ze dinn hat, a wéineg mat anere Leit. Et war em geleeën, en hat seng Rou.

No der Première war e kuerz Zäit an Éisterräich gewiescht, wou en ugefaang hat, Geschicht ze studéieren, mä scho virum zweete Semester ass en nees heem komm.

En huet sech gefrot, wat aus em gi wär, wann en deemools net "d´Bengele bei d´Tromm gehäit hätt", wéi e Kolleg et genannt hat. Mä deemools, an deem Moment, deemools war seng Entscheedung richteg.

"Vous prenez encore une bière?"
"Oui."

Wat ass aus där Passioun aus jonke Jore ginn, huet e sech haut gefrot. Soss, wou en all Buch verschlong huet, wat iergendwéi mat Geschicht ze dinn hat, all Film um Fernseh gekuckt huet, e Koup Zeitungen abonnéiert hat. Déi Beweegungen an déi Verännerungen an der Zäit hunn e faszinéiert, wéi grouss Dynastië sech entwéckelt hunn an hire Pouvoir ausgebaut hu fir vun aneren ofgeléist ze ginn, wéi grouss Krichshären d´Welt verännert hunn, fir alleng am Exil ze stierwen. D´Reliounen an d´Wandlungen duerch grouss Ideeën, Intrigen a geheim Pläng, Falschspiller a grouss integer Persounen. Wéi déi Mächteg hir State regéiert hunn, ouni Récksiicht - a wéi d´Vollek sech huet missen upassen a sech gebéit huet bis et zevill war, grouss Revolutiounen an nees nei Mächteger, déi sech hu misse behaapten.

En hat e Faibel fir déi al Geschicht, wou d´Historiker genau woussten, wéi a firwat et sou ausgaang ass, "d´Histoire contemporaine" louch em net, do wousst en net, wou et géif higoen, do war e verluer am Kuddelmuddel vun den Interessen, wee mat weem gutt wär a firwat a fir wéi laang, a wéi eng Partei aus wéi engem Grond déi stäerkst géif ginn. De Rudy war e Frënd vu fäerdegen Tatsaachen: "Sou steet et geschriwwen an sou ass et." De Rudy war net fir d´Géigewaart gemat.

En huet eng Schlupp Béier geholl, an der Zeitung geblidert an zur Fënster erausgekuckt.

E wousst nach ganz genee, firwat en deemools mat der Schoul opgehal hat. Et war net wéinst der Geschicht, dem Léieren oder der Uni: dat war flott – och déi nei Stat, vu Mamm a Papp fort ze sinn an alleng ze liewen. Mä enges Dags huet en awer seng Wallis gepaakt, déi puer Saachen, an ass aus deem miwléierte Studio an aus der Wunngemeinschaft erausgaang. En hat nach ëmmer d´Gesiicht virun Aen, an deen éischte Blëtz, wéi hatt him d´Dier opgemat huet:

"Hoy, da bist du ja, komm doch rein, ich zeig dir gleich das Zimmer. Ich bin die Tina, und du?"

Do wousst en, datt e géif bleiwen an dat Zëmmer do géif huelen, egal wéi et géif ausgesinn. E wär am léifste fir ëmmer bliwwen, mä owes, wann en d´Tina a säi Kolleg niewendrun héieren huet, huet et em wéi gedoen. Eng Kéier huet en em seng Léift gestan, en huet souguer gekrasch dobäi, oder war kuerz virdrun, mä hatt wollt en net an den Aarm huelen. Deen aneren Dag ass e gaang, ouni Tréinen.

Mëttlerweil war et em gelong, ze vergiessen an en huet net méi allzeoft dru geduecht. Et war eng normal Reaktioun deemools, et war dat eenzegt, wat e konnt man, deemools war et richteg. En hätt sech kënnen en anert Zëmmer sichen, mä eigentlech war et en jo net dorëms gaang.

"Encore une bière s´il vous plaît."

D´Rosa huet hien zréckgesinn, wéi et um Wee fir op den Zuch war. E souz um Comptoir mat engem Glas Béier viru sech, an hatt huet séier riichtaus gekuckt, wéi et säi Bléck gesinn huet kommen. Hatt ass méi séier gaang, vläicht hat et Angscht oder et huet gehofft, hie géif em nokommen. Fir sech huet et gefaart, et géif den Zuch verpassen.

Aus den Aewénkel huet de Rudy gesinn, wéi et bausse laanscht de Bistro gelaf ass. Et war hatt, d´Meedchen, wat am McDonald's schafft.

De Rudy war scho beim véierte Mini, wéi hatt endlech am Zuch souz, ausser Otem. Et huet un seng Aarbecht geduecht, jo, seng Dëscher waren all eidel a propper, d´Äschebechere ware gebotzt, et hat d´Plattoen iwwert den Dreckskëschten nach ewechgeraumt an de Kartong an den Dreckstuten no ënne gedréckt, fir Plaz ze man. Dunn hat et d´Spraydous mam bloe Mëttel geholl an ass mat der fiichter Fatz nach eng Kéier iwwer d´Dëscher gefuer an iwwert e Stull, wou Fritten a Mayonnaise drop louchen. Am Ufank huet alles gutt gericht, frësch a propper, mä no e puer Woche schonn huet sech seng Zong beim Geroch vum "désinfectant" no banne verdréint. Hatt hat e schlecht Gewëssen dowéinst, wéi wann et schlecht géing schaffen, mä wat d´Cliente méi séier erausgaang sinn, ouni Merci ze soen, ouni et mol ze bemierken, ausser wann et am Wee stoung, wat hatt ëmmer manner blot Mëttel op déi brong Dëscher gesprëtzt huet.

De Rudy huet sech d´Fläschen ugekuckt, déi hannert der Téik am Regal stoungen. Et war an all Bistro bal dat selwecht, mä awer dann déi Ennerscheeder, aner Marken, aner Glieser, eng aner Zort Béier, eng aner Zort Leit. En huet dru geduecht, wéi en am Lycée mat de Kollegen ëmmer een huele gaang ass, Béier a vill Laachen, se hu sech Geschichte gezielt an eppes ënnerholl zesummen, se hunn iwwert hiert "Zukunft" gefuebelt, an doriwwer, datt si net sou géife gi wéi hier Elteren, dat si aneschters wären.

D´Rosa souz am Zuch an huet zur Fënster erausgekuckt, och lo am Wanter, wann et scho fréi däischter ginn ass. Et war sou eng Gewunnecht vun em, schonn als Kand huet hatt gär zur Fënster erausgekuckt. Et huet un seng Famill geduecht, un seng Mamm a seng Geschwëster, u säi Papp, deen doheem bliwwen ass. Et hat eng Illustréiert op de Knéie leien, eng mat ville Fotoen a grousse Buschtawen, et huet awer net dra gekuckt.

Hien hat grad eng Fläsch Rhum entdeckt, déi en net op anere Plaze gesinn huet. Et war e schwaarzt Meedchen drop gezeechent, wat gelaacht huet, léif. Hie war ee Moment sou fort, dat en zréck gelaacht huet, sou dat d´Serveuse koum:

"Je peux vous servir quelque chose? Encore une bière?"


En huet sech e Rhum bestallt. En hat nach ni virdru Rhum gedronk, en huet eng Schlupp geholl an un d´Meedchen aus dem McDonald's geduecht. En hat nach ni e Wuert mat em geschwat, et war em weider net opgefall bis elo, virdrun, wéi en et gesinn hat an hatt sech sou séier nees ëmgedréint huet. De Rhum huet gutt geschmaacht an hien huet ëmmer rëm op d´Fläsch gekuckt, wou d´Meedchen op enger Plage louch, ënnert engem Bam, enger Palm vläicht.

D´Rosa war mëttlerweil am Zuch entschlof, wat em soss nach ni geschitt war. Och wann et midd war, huet et sech ëmmer dru ginn, fir d´Aen op ze behalen. Hatt hat zevill Angscht fir seng Statioun ze verpassen. Nëmmen zwanzeg Minutten huet et gebraucht, fir zu Arel unzekommen, wou et dann de Bus weider geholl huet. Et hat déi Plaz am McDonald's nach net laang, hallefdaags just, well moies ass et an e puer Stéit zu Arel botze gaang. Hatt huet gedreemt, do am Zuch, hatt wier nees op senger Insel, zu Santo Domingo, wou et grouss ginn ass. Nee, se haten net um Mier gewunnt, mä no bei der Stad. Och do ass hatt ëmmer mam Bus gefuer oder mam Camion oder et huet een et matgeholl, wann et léif mat em war. Hatt huet gedreemt, et géif do am Schied sëtzen, ënnert enger Palm um Mier, sou wéi beim Bop, wann se fir de Gebuertsdag do waren, Kanner géifen am Sand spillen a vill Kaméidi man.

Bemol huet een et un der Schëller gestouss.

"Nous sommes arrivés à Arlon!", huet et héieren, mä réischt wéi et zur Fënster erausgekuckt huet, huet et gemierkt, dat et geschlof hat an ass séier opgestan, nach dronken. Virun em stoung deen Här aus dem Café an huet em zougelaacht, wéi en dat nach ni gemat hat. Mee nee, et war net deen, et war en aneren. Hat huet awer Merci gesot, wéi et bis e bëssen erwächt war an dunn nach eng Kéier "Merci", wéi et baussen um Quai stoung. Et hat nach eng véirel Stonn mam Bus ze fueren, an et huet sech, wéi et fir d´zweet Merci sot, iwwerluecht, wat alles hätt kënne geschéien, vläicht wär et réischt zu Jemelle oder zu Libramont erwacht a wéi wär et dann heem komm, oder et hätt bis op Namur oder souguer bis op Bréissel weidergeschlof - wou keen et kannt hätt. A muer nees fréi opstoen. Hatt huet frou gelaacht an nach eng Kéier Merci gesot, vläicht eng Kéier zevill, mä herno, nom Kaffi, huet hien him proposéiert, et heemzeféieren an d´Rosa huet "Jo" gesot, an am Auto huet et ee Moment laang nees d´Laache vun de Kanner aus dem Dram héieren.

Dem Rudy ass et heinsdo sou virkomm, wéi wann e réischt um Comptoir, nom Feierowend, géif ufänke mat liewen, lues a lues huet en seng Aarbecht vergiess, wann en dann déi éischt puer Glieser eran hat, konnt e sech virstellen, dee Referat, mat deem en deemools sollt ufänken: Iwwert "di Béis an der Geschicht an hier Auswierkungen op d´Welt", datt en dee virun der Klass géing halen amplaz seng Wallis ze paken, dann ass et em gutt gaang. En huet sech nach ee bestallt, huet lo méi séier gedronk. Vläicht kéint e jo an Oweskuere goen oder e Fernstudium ufänken. En huet sech heinsdo gefrot, op en e gudden Historiker gi wär. E gudde Beamte war en, ouni Ambitiounen an eng sécher Plaz. En huet d´Serveuse gekuckt an dobäi un d´Meedchen aus dem McDonald's geduecht an dorunner, datt en et lo awer géif uschwätzen an du ass em déi Virstellung komm, dee waakregen Dram, wann dach e glécklechen Zoufall se géif zesummeféieren. En huet sech ausgemoolt, wéi hien als Held hatt virun enger grousser Gefor géing retten, wann iergendeen Typ et géif blöd uman oder sou, da géif hee kommen an et do wegzéien an se géifen e Kaffi drénke goen an hatt géif him Merci soen, souguer eng Telefonsnummer géif e kréien an se géife sech zréckgesinn a sech an d´Ärem falen mat verléifte Blécker an se géife sech këssen a sech fest drécken. En huet d´Aen zougemat vu Virfreed an e war lo sou frou, datt e sech nach e leschte Rhum bestallt huet an nach e Béier an en huet och der Serveuse endlech gelaacht, awer nëmmen aus Fréndlechkeet, well a Wierklechkeet, jo, well a Wierklechkeet war e lo ganz no bei him an e wousst, datt lo alles géif gutt ginn.





**Text an Illustratiounen: Pol Schroeder**